# Iwwert d'Finanzéiere vu Kultur zu Lëtzebuerg

Guy Engels

Ronn 1,9 Milliounen Euro Boni huet d'Philharmonie am Joer 2007 gemaach. Opgrond vun dësem zolitten Iwwerschoss freet d'Anne Brasseur, ob et net ubruecht wär, de Loyer fir déi einheimesch Orchesteren – Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg, Solistes européens a Musiciens – no ënnen z'adaptéieren?

D'Kulturstaatssekretärin Octavie Modert äntwert der DP-Deputéierten, datt de Budget vun der Philharmonie differenzéiert ze liesen an z'interpretéiere wär. D'Previsioune fir 2007 goufen zu engem Zäitpunkt opgestallt, wéi d'Philharmonie knapp hir éischt vollstänneg Saison hannert sech hat – also zu engem Moment, wou et nach vill oppe Froe gouf, virop déi vun der allgemenger Akzeptanz vum Programm a vum Haus. Et housch, fir d'éischt emol Erfahrungswäerter ze sammelen op engem Terrain, dee fir Lëtzebuerg nei, ganz nei war.

Weider misst ee berücksichtegen, datt de Budget iwwert e ganzt Joer leeft an deemno ëmmer à cheval vun zwou Saisonen ass. Et dierft een d'Zuelen also net streng linear liesen.

Wat elo de Loyer fir déi Lëtzebuerger Orchesteren ubelaangt, do verweist d'Staatssekretärin ënner anerem op eng Conventioun tëscht der Philharmonie an dem OPL mat ganz gënschtege Konditioune fir den Orchestre en résidence an der Philharmonie. Eleng wéinst der Transparenz vun de Finanze vum Concertssall um Kirchbierg kéim et net a Fro, d'Loyere fir Lëtzebuerger Orchestere ganz ofzeschafen.

D'Octavie Modert betount awer och, datt et eng vun deene wesentleche Missioune vun der Philharmonie ass, eng Tribün fir déi einheimesch Kultur ze sinn – eng Tribün, déi virun allem hiren Ausdrock am Zyklus „Fräiraim" fënnt.

Et stellt sech duerch dës parlamentaresch Korrespondenz déi grondsätzlech Fro, wéi d'Kultur zu Lëtzebuerg ze finanzéieren ass – eleng mat Hëllef vum Staat, deels duerch eege Recetten oder an enger Mëschform?

Zu Lëtzebuerg gouf fir eng Partie Institutiounen de Modell vun der Stëftung entwéckelt – Haiser an Ensemblen, déi sech an eegener Regie geréieren an awer op d'Ënnerstëtzung vun der ëffentlecher Hand kënnen zréckgräifen.

Dëse Modell gouf och fir d'Philharmonie gewielt, déi esou gewëssermoosse fräi Hand huet, fir sech an der Musekszeen z'etabléieren an ze positionnéieren. Et ass jo en oppent Geheimnis, datt et och an der klassescher Musek ëm vill Sue geet an d'Konkurrenz grouss ass. Wann e Land sech en neie Concertssall leescht a vill Suen an de Bau stécht, da muss dat Gebai sech och rentéieren, ounst datt et elo zu engem renge Wirtschaftsbetrib mutéiert.

D'Konkurrenz gëtt et allerdéngs net nëmmen international, mä och national – an dat ass sécher en neie Phänomen fir Lëtzebuerg. Trotz dem kulturellen Image, deen d'Philharmonie mëttlerweil dem Ländchen an Europa gëtt, muss de Kulturministère vrun allem Uecht dinn, datt déi einheimesch Konkurrenz an enger verstänneger Balance bleift, eng gesond Komplementaritéit gëtt an net lues a lues eng knallhaart Monopolsituatioun entsteet. Schliesslech goufe jo och vill ëffentlech Gelder investéiert, fir d'Kultur flächendeckend accessibel ze maachen – an och déi Ausgaben sollen a musse sech justifiéieren.

radio 100,7 *Kulturchronik vum 12.8.2008*

*De Guy Engels ass Museksredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*